**Projet de loi 6393 concernant les équipements sous pression transportables**

**Ried - Marcel Oberweis**

Här President, Dir Dammen an Hären, Här Minister

De virleiende Projet de Loi wierkt sech op di nei transportabel Equipementer aus, dei enner Drock stinn an dei am Verkeier agesat ginn.

Et gett di europäesch Direktive Nr. 35 aus dem Joer 2010 an dat d'nationalt Recht emgesat.

All di transportabel Equipementer enner Drock, di virun dem 1. Juli 2001 zougeloos goufen, fâlen awer nett enner desse Gesetzesprojet.

Dat selwecht gellt och fir die transportabel Equipementer enner Drock, dei exklusiv fir den Transport vun geféierlechen Marchandisen teschend den EU-Memberlänner an den Pays tiers agesat ginn.

Den 14. Februar 2012 huet de Minister fir Nohalteg Entwecklung an Infrastrukturen de Projet de Loi an der Chamber déposéiert.

D'Chambre de Commerce, d'Chambre des Salariés an d'Chambre d'Agriculture hunn hiren Avis erabruecht, genau wei den Conseil d'Etat mat Datum vum 24. Abrel 2012.

Den Avis complémentaire – opgrond vun enger rei vun Amendementer ass den 17. Oktober analyséiert. De Rapport ass dé selwechten Dag an der Chamberscommissioun ugeholl ginn.

Enner engem transportablen Equipement enner Drock ginn e.a. all Behälter an Ziternen erfaast, déi fir den Transport vun kompriméiertem Gas - ob flesseg oder enner heichem Drock – dengen. Dorenner falen e.a. d'Gasfläschen, d'Feierläscher a Aggregater fir Killzwecker wéi och d'Camions-citerne.

Di transporteiert Gasen enner Drock stellen secherlech eng grouss Gefor duer, notamment well die Behälteren explodéieren kennen.

An domat kennten gefteg Stoffer freigesat ginn, dei d'Menschen an d'Emwelt schiedegen.

Et gouf schon eng europäesch Direktiv zu dessem Thema an déi ass den 12. Oktober 2001 an nationalt Recht emgesat ginn.

Well sech awer an de vergangene Joeren dat technescht Wessen em den Transport mat esou Behälter verbessert huet, ass eng nei europäesch Direktive Nr. 35 am Joer 2010 ausgeschafft ginn.

E vun de Ziiler vun desser neier Direktive ass et, d'Secherhéet beim Transport vun den Drockbehälteren ze erheichen.

Doriwer eraus definéiert si di détaillert Regelen, déi d'Operateuren iwerhuele mussen, wann si d'Behälteren enner Drock am Verkeier asetzen.

D'Avisen vun den drei genannten Berufskummeren zum Gesetzesprojet waren positiv.

An sengem Avis begreisst de Staatsrot d'Emsetzung vun der europäescher Direktive duerch e Gesetzesprojet, woubei hie rappeléiert, dass d'Direktive Nr. 36 aus dem Joer 1999 zum selwechten Sujet nemmen iwer de Wé vun engem Reglement grand-ducal emgesat ginn ass.

Opgrond vun dem Avis vum Staatsrot sinn eng ganz Rei vun Artikelen an der Chamberscommissioun geännert ginn - esou dass ereischt nom Avis complémentaire eng breet Zoustemmung fir de Gesetzesprojet fonnt ginn ass.
Well dessen awer vill technesch Detailer enthällt, giff ech duerfir op de schreftleche Rapport verweisen.

Eleng déi lang Lescht vun Definitiounen beweist d'Portée vun dem Gesetzesprojet.

Här President, Erlabt mir duerfir e puer Elementer aus dem Gesetzesprojet ervirzehiewen.
Am Kapitel I ginn d'Applicatiounen an d'Définitiounen opgeféiert.

Dei national kompetent Autoritéit ass den Ministär fir di Nohalteg Entwecklung an Infrastrukturen. Doniewend ass als national Autoritéit vun der Akkreditatioun de letzebuergeschen Institut vun der Normalisation, der Akkredidation an der Secherheet vun de Produkten an Servicen - den ILNAS mat agezunn ginn.

Hien ass och responsabel fir d'Evaluatioun an d'Notificatioun wei och fir Secherhéet.

Am Kapitel II gett festgehalen, dass all Fabrikant, dén di transportabel Equipementer enner Drock op de Maart brengt,  eng ganz Rei vu Formalitéiten an Dokumenter virléen muss.

Wann d'Prozedur vun der Evaluatioun a punkto Konformitéit ofgeschloss ass, dann dierf de Fabrikant d'Markenzechen Pi (gleicht dem griecheschen Buchstaw π) op de Behälter setzen.

Wann festgestallt gett, dass en Equipement nett den technischen Erausfuerderungen Rechnung dreit oder e Risiko duerstellt, da muss den ILNAS direkt informéiert ginn, dén sengerseits all Informatiounen vum Fabrikant verlangt.
Dei Persounen, dei transportabel Equipementer enner Drock an d'Europäesch Union an esou och an eist Land importéieren, mussen beim Feststellen vun technesche Féler - den ILNAS informéieren.

Dess Iwerléungen gellen och fir den Distributeur vun den transportaben Equipementer enner Drock.

Am Kapitel III geet et virun allem em d'Konformitéit vun dessen techneschen Equipementer enner Drock.

Wann de Behälter als konform erklärt ginn ass, dann dierf dat genormte Symbol π drop gesat. All dei aner Behälteren dierfen dest Symbol net droen.

Am Kapitel IV gett festgeluecht, wat fir Demarchen en Organisem, dén déi technesch Kontrole duerchféiere wellt, beim  ILNAS duerchlafem - a watfir Ennerlagen hien hannerlée muss.

All Organisem, déen eng Akkreditatioun huet, muss denen aneren Organisem, déi ähnlech Aufgaben duerchféieren, all wichteg Informatiounen matdéelen.

Am Fall vu Versteiss oder Féler, muss den ILNAS engerseits di Europäesch Kommission avertéieren an anererseits dei aner EU-Memberstaaten.

Des Weideren mussen d'Mesuren matgedéelt ginn, déi den ILNAS festgehalen huet – besonnesch wann e Risiko fir d'Gesondhééet oder d'Secherhéet am Allgemengen bestéet.

Wann esou e Fall antrett, da muss den ILNAS den Operateur oder den Distributeur opfuerderen, dass all di neideg Mesuren getraff ginn, fir den Equiment secher ze machen oder dessen Equipement vum Maart zehuelen an dat an engem raisonablen Delai.

An dess Demarchen muss den ILNAS bei der Europäescher Kommissioun an bei den aneren EU-Memberstaaten mellen.

Als Konsequenz vun enger Infraktioun sinn och eng ganz Rei vun pénalen Sanktiounen virgesinn.

De Montant vun desser Saktioun kann je no der Gravitéit teschend 251 an 25.000 Euro bedroen an enger Prisongsstroof vun 8 Deeg bis 1 Joer.

Esou eng Infraktioun kann e.a. sinn, wann eng Persoun en transportablen Equipement op den Maart setzt, wuelwessend, dass dén Equipement nett den Bestemmungen entsprecht d.h. gefeierlech fir Mensch an Emwelt ka sinn.

Am Kapitel VII gétt em d’Unerkennung vun der Equivalenz an den Iwergangsbestemmungen. E.a. ass festgehale ginn, dass d’Dispositiounen am virleiende Gesetzesprojet ereischt vum 1. Juli 2013 applizéiert ginn.

Zum Schluss soll nach drop higewiise ginn, dass an der Annexe I d’Lescht vun de geféierlechen Substanzen notifizéiert ass.

An der Annexe II ass d’Prozedur fir Réevaluatioun vun der Konformitéit festgehalen ginn. Dess emfangreich Prozedur kann am schreftleche Rapport nogelies ginn.

Dess Bemierkungen zum virleienden Gesetzesprojet gemat, brengen ech den Accord vun der CSV-Fraktioun eran  a  soen Merci fir d‘Nolauschteren.